Zäitschrëft fir d'Chef vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

schwätz mat! DENG MEENUNG ZIELT

de Kompass

2015–2016

Wëllefchersralley, Myriam Lentz

lalux Sales-Lentz BIL
Ee grousse Merci un eis Sponsoren

Editorial

Salut,

Elo ass schonn dat éicht Joer vum Mandat ëm, an et war e Joer mat 3 Kongresser.

Dëst weist awer och, datt op mannst 3 Mol deng Meenung gefrot ginn ass, an s du och op mannst 3 mol matschwätze konns.

Et waren awer net nëmmen dës dräi Plazen, wou deng Meenung gefrot ginn ass. Du hues bestëmmt och vum neie roude Fuedem profitéiert, fir op där eng oder anerer Plaz deng Meenung ze soen a matzeschwätzen.
Desweidere gi mir dovunner aus, datt s du als Chef probéiers den Kanner/Jugendlecher d'Méiglechkeet ze ginn, datt si hier Meenung kënne soen a bei den Aktivitéiten kënne matschwätzen.

Mir sinn eis ganz sécher, datt an den nächsten 2 Joer nach ganz vill Situatioune kommen, wou deng Meenung gefrot gëtt, sief dat an der Branche, am Grupp, National oder International.

Hues du dir schonn däi Badge fir den „Schwätz mat - Deng Meenung zielt" am Shop kaaf? Mir sinn ons sécher, datt s du dir dee schonn verdéngt hues an deng Meenung bei där enger oder anerer Diskussioun matgedeelt hues.
Ech wënschen dir weiderhi vill Spaass bei der Lektür vun dësem Kompass, hei fënns du all d'Informatiounen, déi s du fir d'nächst Scoutsjoer 2015/2016 brauchs.

Vill Spaass um Camp a bis am September
Misch

Invitatioun fir de Kongress a Chefdag 2015

Léif Guiden a Scouten, léif Cheftainen a Chef,

Am September ass et souwäit, de Beetebuerger Grupp lued op de Kongress an de Chefdag an.

Et sinn zwee wichteg Rendez-vousen am Scoutskalenner: de Kongress, wou all Chef mat Ernennung konkret iwwert d'Zukunft vum Verband matbestëmmen dierf, an de Chefdag, deen als Informatiouns- an Austauschplattform eng grouss Traditioun huet.

Déi Beetebuerger Guiden a Scouten sinn houfreg dëst Joer dës zwee Evenementer ofhalen ze kënnen an hier Frënn aus den anere Gruppen an d'Porte du Minette invitéieren ze kënnen. Scoute gouf et zu Beetebuerg säit 1919. Dës éischt Beetebuerger Trupp sollt awer schonn no 1922 mat éischte Problemer geplot sinn an huet dono och éischter onregelméisseg Spueren nozeweisen. Dem aktuelle Beetebuerger Grupp seng Fusiounsvirgänger, d'Lëtzebuerger Guiden - Ste. Odile an d'Lëtzebuerger Scouten - St. Luc sinn allebéid 1945 direkt nom Krich gegrënnt ginn.

Déi zwee Gruppe si lues a lues gewuess an hate vill Aktivitéiten a Campen. Allebéid waren si och ëmmer ganz aktiv op nationalem Plang an hu vill Kommissären a national Equipemembere beim hire Nationalverbänn ervir bruecht, wat iwwregens och haut nach de Fall ass.

Nodeems d'Lëtzebuerger Guiden an d'Lëtezbuerger Scouten 1994 decidéiert haten als Verbänn op nationalem Niveau ze fusionéieren, huet 2-3 Joer drop och de Grupp St. Luc an d'Sektioun Ste. Odile vu Beetebuerg sech zesumme gedoen. An enger Feier an der Dekanatskierch an am Beetebuerger Schlass ass dës "Hochzäit" grouss gefeiert ginn, de Grupp Abbé Pierre war gebuer.

De Kongress siegéiert de Mëttwoch 23. September am Schlass vu Beetebuerg (13-15 Rue du Château, L-3217 Bettembourg), wou mir vun 18.00 Auer un e After-Work Grill & Apéro ubidden iert et ëm 19.30 lass geet.

De Chefdag um Sonnden 27. September wäert zu Beetebuerg op dräi verschiddene Plaze stattfannen. Am Centre Sportif & Culturel (Place Nelson Mandela (rue Polk), L-3214 Bettembourg) fänkt den Dag un, wou mir lech vun 8.30 Auer un mat Kaffi a Mëtsche begréissen. D'Mass ass och bei dem Centre Sportif & Culturel. D'Brancheversammlungen sinn am Centre Sportif & Culturel, am Kino, am Schlass an am Jugendhaus - all dës Plaatze sinn op manner ewéi 10 Minutten zu Fouss ze erreechen.

(et geet weider op Säit2)

www.lgs.lu

Kompass 2015–2016

« Kongress, Chefdag
« Formatioun, Ernennungen
« Kalenner fir d'Joer
« Informatiounen an Delaien
« Congé jeunesse
« Assurancen
« Chèque sevice
« Verbandsgrupp

Exp.: Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Luxembourg
Port payé
P/S.400

Kongress, Chefdag

Et ass wuel zur Traditioun ginn, datt d'Konzept vum Chefdag all Joer e bësse changéiert. Esou dann och dëst Joer! D'Mass, de Plenum an eng Foire si moies an iwwert d'Mëttesstonn ugesat, am Nomëtteg sinn dann d'Brancheversammlungen. Vum Kaffi moies, iwwert d'Mëttegiessen an de Feierowend Drink wäerte mir fir d'lessen a Gedrénks suergen. Mir probéieren och nom Chefdag nach mat musikalescher Begleedung de Nomëtteg mat iech ausklängen ze loossen.

Wéi kommt dir op Beetebuerg? Mam Zuch ass Beetebuerg all véierel Stonn (sonndes all hallef Stonn) z'erreechen an dat a nëmmen 10 Minutten vun der Stad oder vun Esch. Fir déi Gruppen, déi sech RdV op enger Gare kënne ginn ass dëst déi beschten Alternativ. Fir déi, déi mam Auto musse kommen, steet de Parking vun der Gare a bei der Kierch zur Verfügung. D'Gare ass nëmmen 10 Minutten zu Fouss vum Schlass a vum Centre Sportif & Culturel ewech.

Mir freeën eis op lech! Lénks Patt,

Claude Frantzen, Gruppechef vu Beetebuerg

Wéi kanns du op de Kongress a Chefdag kommen?

CFL Ligne 60 (Luxembourg - Bettembourg - Esch – Differdange - Rodange)
CFL Ligne 60A (Bettembourg – Dudelange)
CFT Ligne 90 (Luxembourg – Metz – Nancy)
Bus 194 (Sandweiler – Kirchberg – Luxembourg Gare – Hesperange – Bettembourg)
Bus 200 (Luxembourg Gare – Cloche d'Or – Kockelscheuer – Bettembourg)
Bus 307 (Esch – Schifflange – Foetz – Huncherange – Bettembourg)

KONGRESS 23.09.2015 zu Beetebuerg am Schlass	
18.30	Aschreiwen, Grill
19.30	Ufank: Bergéissung an Instruktiounen
19.35	Spirituelle Moment
19.40	Proposéire vum Kongresspresident
19.45	Bestëmme vun de Stëmmzieler
19.50	Statutekongress
20.10	Aktivitéitsrapport
20.30	Riede vun den Eieregäscht
20.40	Finanzrapport
20.55	Auszeechnungen a Remercimenten
21.05	Äntwert op d'Resolutiounen
21.15	Nei Resolutiounen
21.25	Budget 2016
21.35	Ausbléck 2015-2016
21.45	Virstelle vum Comité
21.50	Schluss an Eirewäin
CHEFDAG 27.09.2015 zu Beetebuerg am Centre Sportif & Culturel	
08.30	Aschreiwen, Kaffi a Croissant
09.00	Mass
09.45	Paus
10.00	Plenum
11.00	Paus
11.15	Foire
12.15-14.00	Mëttegiessen / Foire
14.00	Brancheversammlungen
16.00	Ofschluss a Gedrénksstand mat Musék

Umeldung fir de Kongress a Chefdag
www.lgs.lu/chefdag
bis den 13. September

Profits et Pertes / Budget 2014

LGS-Comptes de Profits et Pertes 2014	Profits et Pertes au 31.12.2014		Budget 2014	
	Dépenses	Recettes	Dépenses	Recettes
LGS-P+P et Budget Général Fédération				
Cotisations	7 262,40 €	60 851,00 €	7 000,00 €	64 000,00 €
Subsides et Dons	473,40 €	20 916,29 €	500,00 €	18 000,00 €
Sponsoring	0,00 €	26 500,00 €	0,00 €	29 000,00 €
Formation des chefs	26 722,02 €	18 792,00 €	26 800,00 €	22 600,00 €
Activités et Programme	18 934,15 €	11 992,81 €	19 000,00 €	11 000,00 €
Financier	330,73 €	414,37 €	200,00 €	1 500,00 €
Relations publiques	12 435,91 €	0,00 €	24 000,00 €	0,00 €
Frais de gestion et de fonctionnement fédéral	34 813,88 €	0,00 €	27 850,00 €	0,00 €
Gestion de matériel de formation et d'équipement technique	5 259,98 €	2 925,00 €	10 200,00 €	2 200,00 €
Frais de Secrétariat	1 187,72 €	0,00 €	3 750,00 €	0,00 €
Amortissements Fédéraux	1 987,02 €	0,00 €	650,00 €	0,00 €
Relations internationales	11 890,94 €	0,00 €	14 000,00 €	2 150,00 €
Couverture de risques	22 152,90 €	6 610,00 €	19 500,00 €	4 000,00 €
Charges Exceptionnelles	7 136,54 €	0,00 €	0,00 €	0,00 €
Sous Totaux:	150 587,59 €	149 001,47 €	153 450,00 €	154 450,00 €
LGS-P+P et Budget Projets Fédération *				
Projet de Coopération Scouts du Niger	20 964,62 €	20 964,62 €	3 000,00 €	2 000,00 €
Projet Education Nature Native Village	232 110,70 €	232 110,70 €		
Projet Friddenslicht	14 320,92 €	14 320,92 €		
Projet Camp Sabanquar 2014	186 264,66 €	186 264,66 €		
Projet Camp Uk'an 2013-Clôture	43 745,53 €	43 745,43 €		
Projet Odyssée 2013-Clôture	89 868,23 €	89 868,23 €		
Totaux :	737 862,25 €	736 276,03 €	156 450,00 €	156 450,00 €
Résultat :	-1 586,22 €		0,00 €	

* 2014 huet d'Partenariat mam Niger e klenge Minus vun 1709,62 € gemaach // De Boni vum Projet Native Village (957,84€) gouf intégral an de Fong fir dë Projet Native Village gesaat. // D'Friddensliicht konnt mat engem Plus vun 5140€ ofschléissen, Suën déi den Scouts du Niger zegutt koumen. // De Uk'an 2013 gouf mat engem Plus vun 5976,63€ an de Sabanquar mat 18181,77€ clôturéiert dei an de Fong fir grouss Campen gesaat goufen.

Budget 2015 / 2016

LGS-Budget 2015-2016	Budget 2015		Budget 2016	
	Dépenses	Recettes	Dépenses	Recettes
LGS-Budget Général Fédération				
Cotisations	7 000,00 €	68 200,00 €	7 500,00 €	61 000,00 €
Subsides et Dons	1 000,00 €	18 000,00 €	500,00 €	0,00 €
Sponsoring	0,00 €	26 500,00 €	0,00 €	26 500,00 €
Formation des chefs	38 000,00 €	34 000,00 €	26 000,00 €	20 000,00 €
Activités et Programme	22 000,00 €	12 000,00 €	19 000,00 €	12 000,00 €
Financier	200,00 €	1 000,00 €	500,00 €	500,00 €
Relations publiques	25 000,00 €	1 000,00 €	14 000,00 €	0,00 €
Frais de gestion et de fonctionnement fédéral	33 000,00 €	0,00 €	33 000,00 €	0,00 €
Gestion de matériel de formation et d'équipement technique	7 000,00 €	4 000,00 €	6 000,00 €	3 000,00 €
Frais de Secrétariat	2 500,00 €	0,00 €	1 500,00 €	0,00 €
Amortissements Fédéraux	1 000,00 €	0,00 €	2 000,00 €	0,00 €
Relations internationales	12 000,00 €	2 000,00 €	14 000,00 €	1 000,00 €
Couverture de risques	24 000,00 €	6 000,00 €	7 000,00 €	7 000,00 €
Sous Totaux:	172 700,00 €	172 700,00 €	131 000,00 €	131 000,00 €
LGS-Budget Projets Fédération				
Projet de Coopération Scouts du Niger	12 000,00 €	12 000,00 €	18 000,00 €	18 000,00 €
Projet Education Nature Native Village			230 000,00 €	230 000,00 €
Projet Friddensliicht			14 000,00 €	14 000,00 €
Projet Odyssée 2016			850 000,00 €	850 000,00 €
Projet Camp Go Urban 2017			25 000,00 €	25 000,00 €
Totaux :	184 700,00 €	184 700,00 €	1 268 000,00 €	1 268 000,00 €
Résultat :	0,00 €		0,00 €	

Kongress den 3. Mee

Den 3. Mee hun d'Chef/tainen vun den LGS op engem extraordinäre Kongress getraff fir iwwert 2 Punkten ze diskutéieren an heiriwwer ofzestëmmen. Konkret ass et em d'"Educational Proposal" an em d' „Spiritualitéit bei den LGS" gaang.

- De RAP-Grupp huet no 2 Joer Aarbecht eng Propose fir den zukünftegen Edukativen Programm geschriwwen an huet sech iwwert de Wee vum Extraordinäre Kongress d'Legitimatioun gefroot fir weider an dëss Richtung ze schaffen.
- Säit 2012 huet de Comité, an de ganze Verbandsgroup sech ëmmer erëm mam Thema „Spiritualitéit bei den LGS" ausernaanergesaat, fir datt mer erëm e méi kohärent Bild/Positioun vun eiser Relatioun zu Relioun a Spiritualitéit vermëttele kënnen.

No flotten a konstruktiven Diskussiounen an den 2 Workshopen gouf den Text iwwert „Spiritualitéit bei den LGS" vum Kongress mat 84% an d'Educational Proposal mat 99% Jo Stëmmen ugeholl.
Soumat kruut de Comité an de ganze Verbandsgroup de kloren Optrag fir an de nächste Joren d'Statuten an dëss Richtung hin z'adaptéieren an d'Guide- Scouts Methoden fir dei verschidden Alterskatégorien z'aktualiséieren.

Spiritualitéit bei den LGS

Am Guidissem/Scoutissem spillt dat Spirituellt eng wichteg Roll. D'LGS versti sech als reliéis pluralistesche Verband, mat chrëschtleche Wuerzelen. Dat heescht mir sinn e Verband, deen op ass fir all Mënsch, egal wat seng reliéis oder philosophesch Usiichte sinn. Wat eis verbënnt ass de Guidissem/Scoutissem, net eng spezifesch Relioun.

Wäerter vermëttelen

D'LGS wëllen als Jugendmouvement e positive Bäitrag derzou leeschten de Jonke wichteg Wäerter, déi am Guiden- a Scoutsgesetz festgehale si, mat op de Wee ze ginn. Fir dës Wäerter ze vermëttelen, spillen nieft villen aneren déi reliéis a spirituell Aktivitéiten eng wichteg Roll.

Rechter hunn

All Kand, Jonken a Chef bei den LGS soll, am Kader vum Méiglechen, d'Recht drop hu während de Guiden- a Scoutsaktivitéite senger eegener Relioun oder philosophescher Richtung nozegoen.

Spirituell Erfahrungen

All Member soll d'Chance kréien, fir positiv spirituell Erfahrungen ze maachen a soll bei senger Sich no senger philosophescher oder reliéiser Orientéierung ënnerstëtzt ginn.

Toleranz a Respekt

D'Membere sollen derzou opgefuerdert ginn, sech mat dem Glawen oder Positioune vun anere Mënschen auserneenzesetzen an dës Wäerter schätzen ze léieren. Guiden a Scouten sollen tolerant an oppe sinn.

Wat mir net akzeptéieren

Leit, déi extrem oder radikal Positioune vertrieden an offensiv d'Haltung vun aneren attackéieren oder net respektéieren, passen net bei ons.

Dësen Text gouf vum extraordinäre Verbandskongress den 3. Mee 2015 zu Sandweiler ugeholl.

D'Educational Proposal vun den LGS

Wie mir sinn

D'Lëtzebuerger Guiden a Scouten sinn dee gréissten edukative Jugendmouvement zu Lëtzebuerg. Eis Missioun ass et, déi Jonk dorop virzebereeden, spéiderhi Responsabilitéit fir sech an anerer ze iwwerhuelen. An deem Sënn bidden eis motivéiert Fräiwëlleg de Jonken en oppene Kader, wou jiddereen aktiv matmaachen a matbestëmmen dierf.

Fir mech, fir dech, fir eis, fir jiddereen

Zesummen a Gruppe kann all Eenzelne flott Erfahrunge maachen, Frëndschafte schléissen, sozial Fäegkeete léieren an sech perséinlech weider entwéckelen. Bei den LGS léieren déi Jonk d'Natur ze respektéieren, iwwer sech selwer an hiert Ëmfeld nozedenke fir sech spéider aktiv, och fir anerer, anzesetzen.

Adventure

De Schwéierpunkt vun den LGS läit am Beräich vun den Adventure- an Outdooraktivitéiten. Mir probéieren de Jonken eng Ofwiesslung zum Alldag ze bidden an hieren Entdeckergeescht unzereegen. Dofir maache mir esou vill wéi méiglech Gruppenaktivitéiten dobaussen.

Kreativ, innovativ, ofwiesslungsräich

Duerch eis ofwiesslungsräich Aktivitéite gi mir de Jonken e Raum fir Saachen auszeprobéieren an z'erfuerschen. Nom Prinzip vum „Learning by Doing" kréien déi Jonk d'Méiglechkeet sech kreativ a selbstänneg un der Gestaltung vun hierem Programm ze bedeelegen.

Challenge

Déi perséinlech Erausfuerderung an de Spaass stinn am Mëttelpunkt vun eisen Aktivitéiten. Doduerch erméigleche mir et deem Eenzelnen Neies z'erléieren, seng Stäerkten auszebauen an iwwer sech selwer eraus ze wuessen.

Internationalitéit

Als Deel vun der Guiden- a Scoutsbeweegung, déi op der ganzer Welt vertrueden ass, bidden d'LGS d'Méiglechkeet, Frëndschaften iwwer all Grenzen an Ënnerscheeder ewech ze schléissen. Doriwwer eraus engagéiere mir eis a verschiddene Länner mat de Jonken op der Plaz fir gezilt Projete fir ENG Welt ze réaliséieren.

Dësen Text gouf vum extraordinäre Verbandskongress den 3. Mee 2015 zu Sandweiler ugeholl.

Statutenännerung

Wéi an der Open Session vum Extraordinären Verbandskongress den 19. November 2014 zu Nidderanven gefrot, hu mir ons Gedanken iwwer de Vote par Procuratioun gemaach. Fir des Aart vu Wahl anzeféiere muss de folgende Punkt an de Statute geännert ginn:

> 4.1.4 Ofstëmmen
>
> All ernannte Chef/taine ass stëmmberechtegt, ausser wann e seng Verbandcotisatioun net bezuelt huet, obschonn en derzou opgefuerdert gouf.
> All stëmmberechtegte Member vum Verbandskongress huet nëmmen eng Stëmm a kann sech net vertriede loossen.
>
> „All stëmmberechtegte Member vum Verbandskongress huet nëmmen eng Stëmm. E stëmmberechtegte Member vum Verbandskongress, dee fir de Kongress verhënnert ass, kann engem anere stëmmberechtegte Member vum Verbandskongress eng Procuratioun gi fir a sengem Numm ofzestëmmen. Et ass net méiglech fir sech bei enger Ofstëmmung iwwer d'Statuten oder iwwert d' Opléise vum Verband vertrieden ze loossen."

Dës Ännerung vun de Statute brauch eng 2/3 Stëmmmajoritéit fir ugeholl ze ginn.

Fir dëse Punkt vun de Statuten ze ännere maache mir während dem Verbandskongress den 23. September 2015 zu Beetebuerg e kuerzen extraordinäre Statutenkongress.

Mir bieden dech des Statutenännerung am Gruppenrot ze beschwätzen.

Du kanns gären een Amendement zum proposéierten Text an nëmmen zu dësem Text eraginn. All Propose fir een Amendement muss bis spéitstens den 12. August 2015 un d'Sekretariat vum Verbandscomité verschéckt ginn. De Layout fir d'Amendement eran ze reeche fënns du um Site vun den LGS. (http://lgs.lu/node/2476)

Campen/ Weekender



Umeldung

Weekend am Inland, Ausland : op mannst **1 Woch** virum WE.
Camp am Inland , Ausland : op mannst **6 Woche** virum Camp.
Summercamp : 1. Juni
Denkt drun wéinst dem congé jeunesse dësen Delai vu **6 Wochen** anzehalen.

Déi minimal **Unzuel vu Chef** fir e Weekend oder Camp hänkt vun der Branche a vun der Unzuel vu Kanner / Jugendlechen of:

Zuel vun de Chef/tainen	Min. 2	Min. 3	Min. 4	Min. 5	Min. 6
Biber	Bis 6 Kanner	Bis 12 Kanner	Bis 18 Kanner	Bis 24 Kanner	Bis 30 Kanner
Wëllefcher	Bis 8 Kanner	Bis 16 Kanner	Bis 24 Kanner	Bis 30 Kanner	
AvEx	Bis 12 Kanner	Bis 24 Kanner	Bis 30 Kanner		
CaraPio	Bis 15 Kanner	Bis 30 Kanner			
RaRo	Bis 15 Kanner	Bis 30 Kanner			

Chèque Service

Wéi eng Aktivitéiten kommen a Fro ?

D'LGS hunn am Juli 2009 eng Konventioun mam Familljeministère ënnerschriwwen.
Doduerch kënnen och Kanner, déi u Scoutscampen deelhuelen, vum Chèque Service accueil fir Vakanzaktivitéiten profitéieren. D'Aktivitéit muss minimum 3 Deeg daueren.

Wie ka vum Chèque Service profitéieren ?

D'Bestëmmungen vum Chèque Service Accueil gesi vir, datt nëmme Kanner «exposés au risque de pauvreté et/ou menacés d'exclusion sociale », déi manner wéi 12 Joer al si, vun der gratis Partizipatioun u Vakanzaktivitéiten kënne profitéieren.
Heirënner fale Kanner, déi an engem Stot mam Mindestakommes liewen, oder Kanner déi engem Aarmutsrisiko ausgesat sinn.

Aschreiwen an d' Vakanzaktivitéit

Fir kënne vum Chèque Service fir e Scouts a Guide-Camp ze profitéieren, mussen d'Elteren hirt Kand op der Gemeng an d'Lëschte vum Chèque Service accueil aschreiwen resp. ageschriwwe hunn an eng Kopie vum Kontrakt mat der Gemeng virleeën. Do steet d'Unzuel vun de Gratisstonnen drop, op déi d'Memberen Urecht hunn (minimum 25 Stonnen sinn erfuerdert).

Wat gëtt bezuelt ?

Iwwer de Chèque Service accueil ginn d'Käschten vun der Aktivitéit, sou wéi se am Viraus fir all Participant festgesat gi sinn, integral iwwerholl, mat engem Maximum vun 60€ pro Dag pro Kand.
No der Aktivitéit, gëtt de Grupp iwwer d'Verbandssekretariat fir all Kand eng Rechnung un de Familljeministère eran.
Dës Indikatioune mussen op der Rechnung stoen, fir de Finanzdécompte fir d'Käschten pro Persoun kënnen z'evaluéieren:
Numm, Virnumm a Matricule vum Kand, d'Vakanzaktivitéit : wou, wéi vill Deeg, Datum, Zort vun der Aktivitéit, de Präis vun der Aktivitéit an d'Zuel vun de Kanner déi matgemaach hunn, en Certificat, datt dat concernéiert Kand effektiv déi ganz Zäit derbäi war.

Congé jeunesse

De Congé jeunesse gouf per Gesetz den 1. Januar 2008 agefouert. Dëst Gesetz (Mémorial A 241 – Loi du 24 octobre 2007 portant création d'un congé individuel de formation) gesäit fir, datt Leit, déi an hirer Aarbechtszäit eng Formatioun (Stip; Stap; Gilwell) maachen oder eng edukativ Aktivitéit (Camp) fir Jugendlecher z'encadréieren, kënne fir dësen Zweck en extrae Congé kréien, dee vum Staat bezuelt gëtt.
Conditioune fir kënne vum Congé jeunesse ze profitéieren:

1. De Kandidat muss:

- bei engem Patron zu Lëtzebuerg schaffen (de Patron vum Kandidat muss säin Avis ofginn); Fräiberuffler oder Selbstänneger mussen op d'mannst 2 Joer bei der Sécurité Sociale agedroe sinn.
- Member vun den LGS sinn.
- e Brevet Animateur, Brevet Aide-animateur oder eng Ernennung bei den LGS hunn. (Kandidate fir Congé jeunesse, déi kee Brevet aide-animateur oder animateur hunn (oder eng Ernennung bei den LGS), kréie maximal zwee Drëttel vun de Schaffdeeg, déi se an d'Aktivitéit investéieren, als Congé jeunesse ugerechent.

2. De Kandidat kann:

- héchstens 20 Deeg pro 2 Joer Congé-jeunesse kréien.
- insgesamt kann ee maximal 60 Deeg ufroen. All Congé jeunesse dauert wéinstens 2 Deeg, et sief, dann et handelt sech ëm e Cours, deen op eenzel Deeg opgedeelt ass.
- net de Congé jeunesse un den normale Congé oder u Krankecongé unhänken, wann doduerch de Kandidat am ganze méi wéi 3 Woche vu senger Aarbechtsplaz fort ass.
- pro 5 Kanner/Jugendlech (ouni Staff) bei der Aktivitéit Congé jeunesse kréien. (d.h. pro 5 Kanner 1 Chef/taine).

Opgepasst!

1 Mount virun der Aktivitéit muss de kompletten Dossier (Demande, Programm, Accord vum Commissaire) beim SNJ agereecht sinn !

Virum Camp / Formatioun

De Kandidat schéckt de Formulaire « Demande d'octroi d'un Congé jeunesse » un d'Verbandssekretariat. (Ënnerschrëft vum Patron net vergiessen!) http://www.snj.public.lu/formulaires	**De Responsabel** mellt de Camp un. (lgs.lu/chefbox) Wichteg!: e Programm muss dobäi sinn. De Responsabel vun der Formatioun gëtt e Programm an Géisserei of.

D' Verbandssekretariat schéckt d'Formulairën vum Congé jeunesse un den SNJ, wann de Camp accordéiert ass.		De Commissaire accordéiert de Camp. De resp. Chef kritt en Avis.

Nom Camp / Formatioun

De Responsabel vum Camp fëllt de Formulaire „Rapport iwwer de Camp" (lgs.lu/umeldung) mat den Nimm vun de Kandidaten fir Congé jeunesse aus. No der Formatioun gëtt de Responsabel eng Lëscht vun de Kandidaten a Staffleit of.		D'Sekretariat schéckt den „Certificat de participation" un de Kandidat		De Kandidat gëtt sengem Patron de Certificat of.

STIP Formatioun 1. Zyklus

Cheftraining (Verband)

Biber- a Wëllefcherschef/tainen min. 16 Joer Avex-CaraPio a Rarochef/tainen min. 17 Joer

Tronc Commun

Dësen Deel ass fir ALL Kandidate vun ALLE Branchen.

STIP

Dësen Deel gëtt vun de Branchenekippen organiséiert.

PS

Perséinlech -spirituell Formatioun. Dësen Deel gëtt vun der Aumônerie gehalen.

Praktesche Stage (am Grupp)

12 Versammlungen,
1 WE oder Sortie, 1 Camp, Rapport F08
Déi Aktivitéiten ginn op denger Formatiounskaart vum GC konfiméiert.

Dokumentatioun

Chefklasseur
SNJ Broschüren
Method

Assistent-Chefernennung

Wann s du deng Formatioun vum 1. Zyklus ofgeschloss hues, kanns du deng Chefernennung fir Assistent-Biberchef/taine (ABC), Assistent-Wëllefcherschef/taine (AWC), Assistent Truppechef/taine bei den Avex (ATC Avex) oder bei de CaraPio (ATC CaraPio), Assistent-Clanchef/taine (ACC) ufroen. Dofir fëlls du de Formulaire **F02** aus an lees de Rapport **F08** dobäi a schécks en an d'Géisserei.
Dës Formatioun gëtt vum Staat och unerkannt an du kriss dofir de **Brevet B**. A wann s du nach op mannst e Joer aktiv Chef/taine am Grupp bleifs, kanns du d'Fraisen vun der Formatioun zréckfroen.
Dëse Formulaire fënns du hei: http://www.snj.public.lu/fr/formulaires/Animateur
Den ausgefëllte Formulaire schécks du un d'Verbandssekretariat.

STAP Formatioun 2. Zyklus

Formatiounscamp (Verband)

En ofgeschlossenen 1. Zuyklus a min. 18 Joer

STAP

De STAP ass e Formatiounscamp fir **all Branche**. Dëse Camp besteet aus allgemengen an aus branchespezifischen Deeler.

Praktesche Stage (am Grupp)

De praktesche Stage gëtt am eegene Grupp gemaach. De Kandidat kritt e perséinleche Pätter oder Giedel zur Säit gestallt a mat dem/der de Kandidat e gemeinsame Bilan mécht. De Programm vun dëser Aktivitéit gëtt am viraus un d'Branchenekipp gescheckt.

Chefernennung

Wann s du deng Formatioun vum 2. Zyklus ofgeschloss hues, kanns du deng Chefernennung fir Biberchef/taine (BC), Wëllefcherschef/taine (Akela, AK), Truppechef/taine bei den Avex (TC Avex) oder bei de CaraPio (TC CaraPio), Clanchef/taine (CC) ufroen. Dofir fëlls du de Formulaire **F02** aus an schécks du en an d'Géisserei.
Dës Formatioun gëtt vum Staat och unerkannt an du kriss dofir de **Brevet C**. A wann s du nach op d'mannst e Joer aktiv Chef/taine am Grupp bleifs, kanns du d'Fraisen vun der Formatioun zréckfroen.
Dëse Formulaire fënns du hei: http://www.snj.public.lu/fr/formulaires/Animateur
Den ausgefëllte Formulaire schécks du un d'Verbandssekretariat.

GILWELL Formatioun 3. Zyklus

Formatiounscamp (Verband)

En ofgeschlossenen 2. Zyklus a min. 20 Joer

Gilwellcamp

De Gilwell ass e Formatiounscamp fir all Branchen an deen éischten Deel vun der Woodbadge-Formatioun. Et ass eng fakultativ, perséinlech Weiderbildung, déi sech un den aktuellen Themen vun der Kanner- a Jugendaarbecht orientéiert.
De Gilwell-Camp gëllt och als dee prakteschen Deel vum Brevet F.

Perséinlech Arbecht

D'perséinlech Aarbecht oder och nach Gilwell-Aarbecht ass deen 2. Deel vun der Woodbadge-Formatioun. An dëser Aarbecht behandelt de Gilwell-Kandidat/in en Thema oder schafft ee Projet aus a presentéiert seng Konklusioune schréftlech. D'Thema vun dëser Ofschlossarbecht gëtt zesummen mam Gilwell-Staff definéiert.

Formatioun fir Gruppechef/tainen

Formatiounsweekend (Gruppenekipp)

D'Formatioun fir Gruppechef gëtt all Joer ugebueden. Während engem Weekend ginn Themen behandelt, déi Grondllage vun der Funktioun vun engem Gruppechef sinn.

Formatiounsdag (Géisserei)

D'Formatioun ass mat engem Dag an der Géisserei ergänzt ginn. Hei kënne zukünfteg Gruppechef d'Aarbecht mat / an der Géisserei kenneléieren.

Umeldung fir d'Formatiounen: www.lgs.lu/umeldung

Präiser: 1. Zyklus 150 €
2. Zyklus 200 €
GC- Formatioun 40 €

Eng Umeldung ass nëmmen mat der Iwwerweisung gëlteg. D'Sue ginn nëmmen rembourséiert, wann ee sech offiziell a Viraus ofmellt.
Kont: BIL LU87 0021 1828 0032 0000

KANU – Erneierung vun enger Chefernennung

Wat maachen ech wann eng Ernennung ofleeft ?
Eng ofgelafen Ernennung kann ëmmer nees erneiert ginn. Dofir muss ee Paddlen op deene verschiddenen Kanu-Aktivitéite sammelen. Mat all Paddel kanns du deng Ernennung fir 1 Joer verlängeren. D'Ernennung kann insgesamt fir maximal 3 Joer verlängert ginn.
Kanu-Aktivitéiten:

- Kanu-Dag (3 Paddlen)
- aner vum Verband organiséiert Aktivitéiten z. B. Klammstage (1-2 Paddlen)
- Gruppe-Kanu am Grupperot
- Matschaffe bei nationlanen Aktivitéiten
- Formatioun bei aneren Organisatiounen, wéi SNJ, Caritas

Déi lescht dräi Aktivitéiten mussen beim Fromatiounscommissaire ugfrot ginn, als Kanu-Aktivitéit unerkannt ze ginn. (Formulaire18)
Fir d'Erneirung vun enger Ernennung muss de Formulaire F02 an eng Kopie vun der Chefkaart un d'Géisserei gescheckt ginn.

Formation pour Adultes

Nieft der normaler Formatioun bidd d'Formatiounsekipp dëst Joer och den 1. Zyklus a Form vun enger „Formation pour adultes" un.

Fir wien ass dës „Formatioun pour Adultes" geduecht?
Fir jiddereen, deen op mannst 18 Joer huet an dee Loscht huet eng éischt Chefcharge an enger Branche a sengem Grupp z'iwwerhuelen, awer aus familiären oder berufleche Grënn déi normal Formatioun net ka matmaachen.

Wéi ass d'"Formation pour Adultes" opgebaut?
D'Formatioun besteet aus verschiddene Formatiounsaktivitéiten, déi eng Formatiounsaktivitéite sinn obligatoresch, déi aner si fakultativ an op d'Besoine vun de Kandidaten ugepasst.

All Kandidat muss 4 Formatiounsaktivitéiten matmaachen:

- 1 Owend zum Thema Verband, Administratives a Sécherheet
- 1 Dag zum Thema „Bosses et Bobos"
- 1 Dag zum Thema Guide- a Scoutstechniken (um Tronc commun)
- 1 Formatioun iwwer d'Branchenmethod (um Branche-STIP)

Wat muss ech soss nach wëssen?

- Eng ofgeschlosse Formation pour Adultes erlaabt et engem, eng Assistent-Ernennung ze kréien, mee et kritt ee kee Brevet Animateur vum SNJ.
- D'Formation pour Adultes gëtt a priori op Lëtzebuergesch gehalen.
- Dës Formatioun ass net fir Schüler a Studenten geduecht.

Wann s du interesséiert bass a weider Informatioune wëlls, mell dech beim Cathy Kirsch. (cathy.kirsch@lgs.lu).

Kalenner 2015-2016

September

1	STAP
2	STAP
3	STAP
4	STAP
5	STAP
6	
7	
8	
9	
10	
11	
12	
13	
14	
15	
16	
17	
18	
19	
20	
21	
22	
23	Verbandskongress zu Beetebuerg
24	
25	
26	
27	Chefdag zu Beetebuerg
28	
29	
30	

Umeldung: lgs.lu/umeldung

Umeldung: lgs.lu/umeldung bis 13.09..2015

Oktober

1	
2	
3	
4	
5	
6	
7	
8	
9	Tronc commun I.
10	Tronc commun I.
11	Tronc commun I.
12	
13	
14	
15	
16	
17	RaRo-Lancement / Sinn dës Spiller ze veräntwerten? SNJ-Form. Ierpeldeng
18	RaRo-Lancement / Sinn dës Spiller ze veräntwerten? SNJ-Form. Ierpeldeng
19	
20	
21	
22	
23	Tronc commun II.
24	Tronc commun II.
25	Tronc commun II.
26	
27	
28	Infoowend Form. Naturpädagogik Neihaischen
29	
30	CaraPio-STIP
31	CaraPio-STIP

Umeldung: lgs.lu/umeldung bis 25.09..2015

Umeldung: snj.lu/agenda

Umeldung: lgs.lu/umeldung bis 25.09..2015

November

1	CaraPio-STIP
2	CaraPio-STIP
3	CaraPio-STIP
4	
5	Biber-STIP an der Géisserei
6	Biber-STIP an der Géisserei
7	Biber-STIP an der Géisserei / Wëldiessen (Keltenhaus) Bogenbaukurs Neihaischen
8	Biber-STIP an der Géisserei / Wëldiessen (Keltenhaus) Bogenbaukurs Neihaischen
9	
10	GC-Hierschtrenconter
11	
12	
13	
14	Odyssee Prepa-WE 1a / Les Bobos du Camp SNJ-Form. Eesebuer
15	Odyssee Prepa-WE 1a
16	
17	
18	
19	
20	
21	Odyssee Prepa-WE 1b / Wëllefcher Cheftreff zu Käl
22	Odyssee Prepa-WE 1b
23	
24	
25	
26	
27	
28	
29	1. Advent
30	

Umeldung: lgs.lu/umeldung bis 25.09..2015

Umeldung: tom.lahr@lgs.lu

Umeldung: snj.lu/agenda

Mäerz

1	
2	
3	
4	
5	
6	
7	
8	
9	
10	
11	
12	Weekend zu Orval (PS)
13	Weekend zu Orval (PS)
14	
15	
16	
17	
18	
19	
20	
21	
22	
23	
24	
25	
26	
27	Ouschteren
28	Ouschterméindeg
29	
30	STAP Bilschdref
31	STAP Bilschdref

Umeldung: aumonier@lgs.lu

Abrëll

1	STAP Bilschdref
2	STAP Bilschdref
3	STAP Bilschdref
4	STAP Bilschdref
5	STAP Bilschdref
6	STAP Bilschdref
7	Avex-STIP
8	Avex-STIP
9	Avex-STIP
10	Avex-STIP
11	
12	
13	
14	
15	
16	GC-Formatioun / Pélé des Jeunes
17	GC-Formatioun
18	
19	
20	GC Fréijorsrenconter
21	
22	
23	KANU / Formation des Formateurs SNJ
24	
25	
26	
27	
28	
29	Benefiziessen fir den Niger
30	Biber- a Wëllefchersandacht

Umeldung: lgs.lu/umeldung bis 25.09..2015

Umeldung: snj.lu/agenda

Mee

1	1. Mee-Feier Neihaischen
2	
3	
4	
5	Bilschdrefer Kiermes
6	
7	
8	
9	
10	GC-Fréijoersrenconter
11	
12	
13	
14	Bealtaine (Neihaischen)
15	Bealtaine (Neihaischen)
16	Päischtméindeg
17	Sprangprëssessioun
18	
19	
20	
21	
22	
23	
24	
25	
26	
27	PS-Nuetsweelkend zu Neihaischen
28	PS-Nuetsweelkend zu Neihaischen
29	
30	
31	

Umeldung: lgs.lu/umeldung bis 25.09..2015

Dezember

1	
2	
3	
4	
5	
6	2. Advent
7	
8	
9	
10	
11	
12	Concert mam Benny & the Bugs Keltenhaus
13	3. Advent
14	
15	
16	
17	
18	
19	Friddensliichtfeier am Schengenlycée
20	4.Advent
21	
22	
23	
24	
25	Chrëschtdag
26	Chrëschtdag
27	
28	
29	
30	
31	Silvester

Januar

1	Neijoer
2	
3	
4	
5	
6	
7	Neijoschpatt
8	RaRo-STIP
9	RaRo-STIP / CaraPio Natonalaktivitéit
10	RaRo-STIP / CaraPio Natonalaktivitéit
11	
12	
13	GC Wanterrenconter
14	
15	
16	
17	
18	
19	
20	
21	
22	
23	PS-Weekend zu Neihaischen / GC- Formatioun an der Géisserei
24	PS-Weekend zu Neihaischen
25	
26	
27	
28	
29	Wëllefcher-STIP
30	Wëllefcher-STIP
31	Wëllefcher-STIP

Umeldung:
lgs.lu/umeldung
bis 25.09..2015

Umeldung:
lgs.lu/umeldung
bis 25.09..2015

Februar

1	
2	
3	
4	
5	
6	
7	
8	
9	
10	
11	
12	Deutschsprachige Konferenz
13	Deutschsprachige Konferenz
14	Deutschsprachige Konferenz
15	Deutschsprachige Konferenz
16	
17	
18	
19	
20	PS-Weekend zu Klierf / SPLASH Odyssee
21	PS-Weekend zu Klierf
22	Thinking Day
23	
24	
25	
26	
27	
28	
29	

Umeldung:
lgs.lu/umeldung
bis 25.09..2015

Juni

1	
2	
3	
4	
5	
6	
7	
8	
9	
10	
11	
12	
13	
14	
15	
16	
17	Europakonferenz
18	Europakonferenz
19	Europakonferenz
20	Europakonferenz
21	Europakonferenz
22	
23	National Feierdag
24	
25	
26	
27	
28	
29	
30	

Juli

1	
2	
3	
4	
5	
6	
7	
8	
9	
10	
11	
12	
13	
14	
15	
16	
17	
18	
19	
20	
21	
22	
23	SAFAB-Wëllefchercamp
24	SAFAB-Wëllefchercamp
25	SAFAB-Wëllefchercamp
26	SAFAB-Wëllefchercamp
27	SAFAB-Wëllefchercamp
28	SAFAB-Wëllefchercamp
29	SAFAB-Wëllefchercamp
30	SAFAB-Wëllefchercamp ☺
31	

Umeldung:
tom.lahr@lgs.lu

August

1	
2	
3	
4	
5	
6	
7	
8	
9	
10	
11	
12	
13	
14	
15	Mariä Himmelfahrt
16	
17	
18	
19	
20	
21	
22	
23	
24	
25	
26	
27	
28	
29	
30	
31	

September

1	
2	
3	
4	
5	
6	
7	
8	
9	
10	
11	
12	
13	
14	
15	
16	
17	
18	
19	
20	
21	Verbandskongress (Diddeleng)
22	
23	
24	
25	Chefdag (Diddeleng)
26	
27	
28	
29	
30	

Gutt ze wëssen

LGS CHEF-Box
http://lgs.lu/chefbox

1. Juni

Camp, Weekend-Umeldung

Weekend am Inland, Ausland : op mannst 1 Woch virum WE.

Camp am Inland , Ausland : op mannst 6 Woche virum Camp.

Summercamp : 1. Juni

Denkt drun wéinst dem Congé jeunesse dësen Delai vu 6 Wochen anzehalen.

Rapport vum Camp: Nom Camp fëllt de resp. Chef den «Rapport iwwer de Camp» aus.

Service des prêts

Formulaire F14 (lgs.lu/doczenter)
E-mail: marie-anne.wagner@lgs.lu

Dépôt Walfer: Tel.: 33 40 14	Campmaterial
Géisserei: Tel.: 26 94 84	PR-Material, Klamm-Material, Sécherheetsmaterial
Neihaischen: Tel.: 35 76 45	Programm- a Formatiounsmaterial

"Like" eis um facebook

LGS
non-formal education since 1994

1. Dezember

Kotisatioun

Bis den 1. Dezember aktualiséiert den Administrator de Memberfichier vum Grupp: nei Memberen, d'Kotisatioun an Änderungen vun Doneeë ginn agedroen. Memberen, déi nom 1. Januar ugemellt ginn, musse keng Kotisatioun fir d'lafend Joer bezuelen.

Kotisatiounen : **15 €** (och Mataarbechter), **12 €** fir Brudder/Schwester, déi keen eegent Akommes hunn.

1. Dezember

Casco

D'Chef/tainen a Mataarbechter kënnen vun der CASCO vum Verband profitéieren, wann si **10 €** op de Verbandskont bis den **1. Dezember** iwwerweisen:

BIL LU96 0029 0100 0023 3100

Assurancen

d'Onfallversécherung soll bis den 1. Dezember am Memberfichier agedroe ginn.

1. Oktober

Annuaire externe

Ugangs vum Guiden- a Scoutsjoer soll all Grupp um **LGS-Site** lgs.lu/gruppen seng Donneeë kucken an Änderungen an der Géisserei mellen.

Umeldung Formatiounen / Ernennungen

Bis Enn September soll een sech fir den 1. Zyklus, Gruppechefformatioun umellen.

Bis Ufank Oktober sollen d'Erneierung vun enger Ernennung ugefrot ginn. Formulaire F02

Änderungen vu perséinlechen Donneeën

Déi perséinlech Donneeë vun de Membere gi vum Grupp geréiert. All Grupp huet en Administrator, deen d'Donneeën am Memberfichier androen oder änneren kann.
Wann een eng nei Adress, Telefonsnummer, E-mail asw. huet, soll een dat dem Gruppechef matdeelen.

Memberskaarten

D'Memberskaarte ginn am **Platte Knuet** N°1 (Mëtt Dezember) verschéckt. Dofir mussen d'Adresse vun de Membere regelméisseg kontrolléiert ginn an d'Zeitung am Memberfichier ugekräizt ginn.

1 Euro fir den Niger

Eis Solidaritéit zielt – bessonnech an afrikanesche Länner, wou et net evident ass seng Schoule kënnen ze maachen, wou Jonker keng Perspektiven hunn an d'doudgeféierlech Rees iwwert d'Mëttelmier zum eenzegen Auswee gëtt.
Mir man d'Aen net zou an hëllefen an engem vun de weltwäit äermste Länner ; mattsen an der Sahel-Zone !
D'LGS-Aktioun « 1 EURO fir de Niger » geet natierlech och am neie Guide-Scoutsjoer weider.
All gesammelt Donen kommen ouni Emweeër de Scouts du Niger fir Formatioun an Fonctionnement ze gutt.
D'Sue ginn zesumme mat de Kotisatioune vum Grupp iwwerwisen.
Weider Informatiounen op : info@lgs.lu

Assurancen

Haftflicht (RC – responsabilité civile)

All Member, deen am Verband ugemellt ass an d'Cotisatioun (15€ respektiv 12€) bezuelt huet, profitéiert vun der Haftflicht, déi d'LGS bei der „La Luxembourgeoise" ofgeschloss hunn. Heiriwwer gi Schied bezuelt, fir déi e Member engem Drëtte géigeniwwer verantwortlech ass, woubäi een aaneren Member och als „Drëtten" zielt.
WICHTEG: All Accident muss onbedéngt innerhalb vun 8 Deeg am Verbandssekretariat gemellt gin (Frank Lulof - Tel.: 26 94 84 21)

Onfallversécherung (assurance-accidents)

Vun der staatlecher Onfallversécherung (AAA - Association des Assurances Accident) sinn all Membere, souwäit se an d'Schoul ginn oder Chef/taine sinn, verséchert. Fir all aaner Member gouf eng privat Onfallversécherung bei „La Luxembourgeoise" ënnerschriwwen. D'Bestëmmunge sinn duerch d'Gesetz geregelt, dat heescht:
- Biber, Wëllefcher, Avex, Carapio a RaRo déi nach an d'Schoul ginn a Chef/tainen, déi op de Memberlëschte stinn an hir Cotisatioun bezuelt hunn, profitéieren automatesch vun dëser Onfallversécherung a brauchen keng weider Prime ze bezuelen.
- Fir all aner Memberen (CaraPio, RaRo, Albatross, Mataarbechter, déi d'Schoulbänk net méi drécken) gouf eng privat Onfallversécherung bei „La Luxembourgeoise" ënnerschriwwen. D'Prime ass op 10 € festgesat.

CaraPio a RaRo, déi an dësem Fall sinn (d.h. net méi an der Schoul sinn, déi eng Léier maachen, schaffe ginn oder am Chômage sinn) gëtt am Membersfichier déi entspriechend Case ugekräizt a si sinn domat verséchert. Si brauchen keng weider Prime ze bezuelen.

Albatrossen a Mataarbechter, déi an dësem Fall sinn, kënne vun dëser Onfallversécherung profitéieren, wa fir si déi entspriechend Case am Membersfichier ugekräizt gëtt a si – zousätzlech zur Cotisatioun – d'Prime vun 10€ op e Kont vum Verband iwwerweisen.

WICHTEG: All Accident muss onbedéngt direkt (spéitstens an der Woch nom Accident) am Verbandssekretariat gemellt ginn (Tel.: 26 94 84 21). Besser eng Kéier zevill gemellt wéi eng Kéier ze wéineg.

CASCO (assurance automobile pour sortie de service)

All Member, dee regelméisseg een Auto bei Aktivitéite vum Grupp oder dem Verband benotzt, kann d'LGS-CASCO bei der „La Luxembourgeoise" ënnerschreiwen.

D'LGS hunn eng Casco-Assurance mat der „La Luxembourgeoise" ausgehandelt. Den Termin fir bei eiser Casco-Assurance (1.1.–31.12.) matzemaachen ass den 1. Dezember. No dësem Delai gëtt kee méi op d'Lëscht bäigeschriwwen!! D'Prime vun der Assurance ass 10€, déi un d' Lëtzebuerger Guiden a Scouten iwwerwise gëtt (BILLLULL LU96 0029 0100 0002 3100). D'Assurance ass ënnerschriwwen soubal dës Prime virum 1. Dezember iwwerwise gouf. All Responsabel vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten (Chef, Mataarbechter, Albatros, RaRo) ka vun dëser Assurance profitéieren.

Assurancen

Wéi sinn d'Bestëmmunge vun der Assurance?

Couverture de la police: Voitures, voitures commerciales, véhicules utilitaires, voitures automobiles à personnes, motocycles, cycles à moteur auxiliaires, camionnettes et remorques conduites par les personnes assurées.
Trajet assurés dans les pays suivants: Grand-Duché de Luxembourg, Belgique, France, Allemagne, Pays-Bas, Suisse et Autriche. La garantie est limitée au trajet direct aller-retour se situant entre le domicile ou le lieu de travail et le lieu de l' activité pendant deux heures avant le commencement et deux heures après la fin de ces manifestations. La garantie d'un trajet dans les autres pays de l'Europe nécessite l'accord préalable de la compagnie d'assurances et la perception d'une prime adéquate.
Valeur à neuf "plafond": Les primes de l'assurance sont établies sur base d'une valeur à neuf des véhicules assurés de 25.000,00 €.
Risques assurés: Incendie, Vol, Bris de glaces, dégâts au véhicule avec franchise de 500,00 €.
Cette franchise ne ser a pas appliquée si les dégâts r ésult ent d 'une collision avec une tierce personne identifiée.

Fir weider Informatiounen, Detailer zu de Conditioune vun den ofgesécherten Aktivitéiten an d'Deklaratioun vu Schied, dem Frank Lulof am Verbandssekretariat uruffen (Tel.: 26 94 84 - 21). D'Deklaratioun vu Schied muss innerhalb vun 8 Deeg nodeems de Schued entstanen ass, am Verbandssekretariat gemellt ginn.

Am Fall vun engem Accident ruft esou séier wéi méiglech am Verbandssekratariat un 26 94 84 oder wann den Nouttelefon funktionéiert (Summervakanz, Päischtvakanz), op der Nummer 691447788.

Scout toujours, même sur ta carte bancaire !

Dès à présent, commande ta carte bancaire BIL gratuite et personnalisée aux couleurs du LGS sur **www.bil.com** ou en agence.

Retrouve-nous sur

Cette offre est soumise à conditions.
Renseignements sur **www.bil.com** ou en agence.

Vous avant tout

BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Banque Internationale à Luxembourg SA, 69 route d'Esch, L-2953 Luxembourg, RCS Luxembourg B-6307
(+352) 4590 - 3000 www.bil.com

Ween ass d'Team?

Salut, ech sinn d' Misch Meyer.
Ech war 3 Joër IC WAGGGS an elo säit November 2014 Comissaire générale.

An ech heesche Fränz Duhr.

Ech war Avexcommissaie zanter 2011 a sinn säit November 2014 de Commissaire général adjoint. Mee wann ech mech net ieren, hu mir quasi zesummen, du bei de Guiden an ech bei de Scouten ugefaangen.....

Oh jo, dat ass awer scho gaaanz laang hier. Dat war nach an der Mëtt vun de wëllen 80er. Wees du nach, wou all Mënsch sech sou grell, neon faarweg ugedoen hat? Mä, an de Wichtelcher ware mir awer méi dezent, do hate mir eng hell blo Blouse un.

Do ware mir nach méi dezent, mir haten déi kakis Hiemer bei de Wëllefcher a bei den Explorer, an ech duerft och nach déi roud Pionéier-Uniform undoen, bis datt mir där schéi gréng Uniforme kritt hunn, déi mir bis haut nach hunn. Leider war domadder och dat grot Chefhiem ofgeschafft ginn. Mee esou eppes ähnleches hat dir bäi de Guide jo souwisou net oder?

Nee, mir ware mat enger Faarf zefridden. Ech hat awer no e puer Joer Wichtel eng kleng Paus gebraucht. Ech wollt mol kucken, ob et keng aaner Beschäftegung gëtt, déi mir och eppes seet. Mä, am leschte Joer Aventure war ech rëm zréck. Et gëtt einfach keng méi cool Saach, wéi Guiden a Scouten.
Ech hunn héiren, du wars och während enger Zäit net an den Scouten, oder?

Jo, jo effektif, ech hat awer nach den ATC bei den Avex gemaach an do hu leider Studien mech zu enger Paus gezwongen! Mee no 7 Joer wor ech erëm frou, aktiv kënnen ze ginn. Wéi s du et scho sos, net nëmmen als Jonken sinn d'LGS eng cool Saach, mä och als Chef. An do hu mir 2 eis fir déi nämlecht Branche entscheed .....

Jo! Ech hu mech och entscheed Avex-Cheftaine ze ginn. Dat war awer zimlech spéit. Ech war du schonn Albatross an hunn och kurz dono ugefaangen als Diététicienne ze schaffen. Méchs du och nach eppes Aneres als souzesoen Ausgläich zu den Scouten? Wees du, déi Plaz, déi dir um Enn vum Mount Suen gëtt.

Ah, daat mengs du..... Also dat ass awer elo grad e bësse blöd, well ech ka wuel kaum soen, ech SCHAFFEN bei der CFL, ouni datt de Lieser ufänkt mat Laachen..... Mä et ass wieklech esou, datt ech bei der CFL ugestallt sinn, an do Responsabel vum Atelier zu Beetebuerg sinn.

Mee ech mengen lo geet et sou lues duer a mir kommen zur Virstellung vum Rescht vum Comité.

D'nächst Guiden- a Scoutsjoer,

Fir d'nächst Joer hu mir och schonn erëm eng Partie geplangt. Am Hierscht treffe mir eis eng éichte Kéier mat der Ekipp, déi d'Statuten iwwerschafft. Ab deem Moment leet déi Ekipp och richteg lass, fir dat mir am Fréijoer 2017 fäerdeg sinn. Hei profitéieren ech och nach ee Mol, fir Dech ze froen, ob s du interesséiert bass bei dëser Ekipp matzemaachen? An dësem Fall mell dech einfach bis den 30/09/2015 op team@lgs.lu.

D'Branchenekippe wäerten och genuch ze dinn hunn. De RAP-Grupp schafft d'nächst Joer méi enk mat hinnen zesummen an déi eenzel Branche-Methode ginn iwwerschafft. Dës Methode baséieren natierlech op der Educational Proposal, déi am Mee 2015 ofgestëmmt ginn ass.

Jo, och fir d'Planung vum Go Urban gëtt et méi konkret. De Staff schafft och weider un dësem riese Projet, fir Dir een onvergiessleche Camp am Juli 2017 ze bidden.

D'RaRo-Ekipp huet och e gefëllte Kalenner am nächste Guiden- a Scoutsjoer. Si paken rëm hir Rucksäck an fléien op d'Odyssee. Dëst verlaangt och vill Planung a Preparatioun am Virfeld.

Dëst sinn just 4 vun den Haaptaktivitéiten, déi d'nächst Joer um Programm stinn. Wann s du nach méi wëlls gewuer ginn, da komm am September op de Kongress an de Chefdag. Hei ginn et vill méi Detailer an Informatiounen.

De Camp GO Urban...

...eng Guide/Scouts-Stad mat iwwer 4000 Awunner…
23 Nationalitéiten an 7 Reliounen op enger Plaz beieneen…
GolUrban als geliefte Visioun vun enger nohalteger Stad, déi vun hieren Awunner geréiert a geleet gëtt.
Am Summer 2017 realiséiert de Verband vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten dës Erausfuederung a Form vun engem internationale Camp, deen op ass fir Kanner, Jonker a Jugendlecher tëscht 6 an 23 Joer.
Den „Challenge" ass et, aus alle Länner, mat deene mer bis ewell Kontakter a Projeten haten, Memberen op de GolUrban z'invitéieren, wéi z.B. aus Georgien, Senegal, Niger, Bolivien, Chile, Äthiopien…avm.
Let's go support > komm, mir ënnerstëtzen eis Frënn aus der ganzer Welt, fir bei eis op de GolUrban ze kommen.
Den Erléis vu Kiermessen, Fester, Buergbrennen si gutt am Fong vum Camp investéiert!
Maacht mat, fir datt aus dem GolUrban deen internationalste Camp gëtt, deen d'LGS bis ewell hei am Land organiséiert hunn.
Kontosnummer „Fonds de solidarité Camp Go Urban" Fondation «Guiden a Scouten am Déngscht vun de Jonken»
BILLULL LU95 0025 1738 1154 8100

Roy GROTZ, Campchef

avex@lgs.lu

raro@lgs.lu

albatrossen@lgs.lu

carapio@lgs.lu

D'CaraPio Equipe stellt sech fir

1. Rei (v.l.n.r.): Tessy (Bartreng), Mike (Dikrech), Aurélie (Kiem), Rouven (Réiser), Claude (Sandweiler)
2. Rei (v.l.n.r.): Sylvie (Ettelbréck), Rafi (Duelem), Daniela, Steve (Beggen)
3. Rei (v.l.n.r.): Carol (Dikrech), Laurent (Dikrech), Simi (Beggen)

Wat maache mir?

Mir këmmeren eis drëms d'CaraPio-Branche bei Laun ze halen, duerch international Campen, National Aktivitéiten (wéi JoCaPi, Funk-Raid, Iron Scout oder MAD dëst Joër) an Zesummenaarbecht mat den Truppen aus dem Land. Mir organiséieren awer och als Equipe zesummen déi verschidden Formatiounsaktiviéiten wéi STIP & STAP.

D'International Ekipp, I-Ekipp

Mir sinn e klengt Team vu Leit, och nach I-Ekipp genannt, bestehend aus zwee internationale Commissairen (ee fir WOSM an ee fir WAGGGS) an enger klenger Ekipp, déi bei den LGS fir international Relatiounen an internationale Programm zoustänneg sinn. Eisen Job besteet also aus zwee Deeler, et geet eis bei béiden drëms, dass d'LGS esou vill wéi méiglech Positives aus der grousser Chance fir Deel vun engem Weltmouvement ze sinn, erauszéie kann, an eis Memberen déi international Dimensioune vum Guidismus a Scoutismus erliewe kënnen.

Ënner internationale Programm falen engersäits déi Programmer déi WAGGGS a WOSM ubitt, fir dass se an de Memberlänner, also och zu Lëtzebuerg ëmgesat ginn, wéi: Weltscout Ëmwelt Programm, Scout of the World Award, Stop the Violence, Woodbadge, Thinking Day, asw., anersäits och d'Promotioun vun Internationalem am Programm, am Grupp an um Camp. Heizou gehéieren d'Weltscoutjamboreen, d'Rovermoot, Roverway, Odysseen, international Campen vun anere Verbänn, Campen am Ausland an de Weltzenteren (ewéi Kandersteg, Adelboden) oder a Scoutzentren vun anere Verbänn. Mir wëllen awer och iwwert Formatiounsmodullen d'Internationalitéit am Verband fuerderen, och scho bei de Biber a Wëllefcher. Säit zwee Joer bidd d'I-Ekipp och individuell, international Opportunitéite fir RaRo a jonk Chef un, wéi de Rover Agora, European Voluntary Services, IST op Campen, asw. un.

Bei den internationale Relatioune geet et drëms, well d'LGS bei deenen zwee Weltverbänn Member sinn, genau wéi äre Grupp bei den LGS Member ass, dass mir als LGS op den internationale Konferenze gutt vertruede sinn an aktiv d'Mouvement fir d'Zukunft matgestalten. Bei Besoin kontaktéieren mir aner Verbänn oder d' Weltverbänn. Ausserdem promouvéiere mir international Formatiounen a Meetinge fir aner Commissairen an Ekippememberen a mir beroden de Verbandscomité, wann et drëms geet, ob nei Iddie konform mat WAGGGS a WOSM sinn, oder ob dës Iddien an anere Verbänn schonn ausprobéiert goufen an ob se e Succès oder e Flop waren (esou kënne mir als klenge Verband heiansdo an d'Ausland kopéiere goen). Zu dësem Punkt gehéiert natierlech och de Kontakt mat der internationaler Ekipp vun der FNEL, mir sinn zesumme mat hinnen als Scouting in Luxembourg bei WOSM ugemellt, a koordinéieren eis international a national Positiounen bei wichtegen Themen.

D'I-Ekipp sicht och ëmmer motivéiert nei Memberen, am Moment virun allem nach e Meedchen fir der IC-WAGGGS, dem Nicole, auszehëllefen. Jonge si natierlech och wëllkomm :-)

Internationale Commissaire WOSM - Claude Frantzen; ic.wosm@lgs.lu

International Commissairin WAGGGS - Nicole Bausch; ic.wagggs@lgs.lu

International Ekipp: i-ekipp@lgs.lu

Internet: www.lgs.lu/internationales

Facebook: LGS International

D'Géisserei

5, rue Munchen-Tesch L-2173 Luxembourg
Tel.: 26 94 84
E-mail: info@lgs.lu
Büroszäiten: Mé.-Fr. 8.00-12.00, 14.00-17.00

Tom Biever - Chargé de direction
E-mail: tom.biever@lgs.lu

Frank Lulof - Responsable administratif et financier
E-mail: frank.lulof@lgs.lu

Marie-Anne Wagner - Administration - secrètaire
E-mail: marie-anne.wagner@lgs.lu

Szilvia Pütz - Administration - secrètaire
E-mail: szilvia.putz@lgs.lu

Marco Jadin - Agent technique
E-mail: marco.jadin@lgs.lu

Cathy Kirsch - Safab - Formateur
E-mail: cathy.kirsch@lgs.lu

Tom Lahr - Safab - Service Animation
E-mail: tom.lahr@lgs.lu

Michèle Hilger - Aumônerie - PS Formatrice
E-mail: michele.hilger@lgs.lu

Guiden a Scouten fir ENG Welt ONGD
E-mail: elisabeth.voyeux@ongd-lgs.lu

Eis Chaleten

Chalet Neihaischen
E-mail: tom.lahr@lgs.lu

Chalet Bilschdref
E-mail: chalet.bilsdorf@lgs.lu

Chalet Géisserei
E-mail: marie-anne.wagner@lgs.lu

Campplaz Fënsterdall
E-mail: bourgj@pt.lu

aner Chaleten
www.chalets.lu

Vous cherchez une compagnie d'assurances qui vous épaule à chaque moment de votre vie.

Nous privilégions la clarté et la simplicité dans nos différentes formules d'assurances. Partenaire stable et loyal, nous vous offrons des solutions qui vous facilitent la vie.

Conscients de l'importance de la proximité envers nos assurés, nous disposons du réseau d'agents le plus dense du pays. Nos collaborateurs sont à votre écoute et nous permettent d'agir au bon moment.

Découvrez les avantages de votre espace client
lalux for you sur www.lalux.lu

lalux - meng Versécherung

LA LUXEMBOURGEOISE · 9, rue Jean Fischbach · L-3372 Leudelange · Tél.: 4761-1 · groupeLL@lalux.lu · www.lalux.lu

De SHOP

5, rue Munchen-Tesch L-2173 Luxembourg
Tel.: 26 94 84 31 Fax: 26 94 84 32
www.lgs.lu/shop, shop@lgs.lu

Dë: 15.00-18.00
Do: 15.00-19.00
Sa: 09.00-12.00

De Shop ass an de Vakanzen zou!

Informatioun a Reservatioun
Sales-Lentz, Ären Expert fir Bus-Locatiounen
✆ (+352) 26 65 11 (lu - ve 8.00 - 17.00)
www.sales-lentz.lu

Sales-Lentz
moving people